

Budget 2025 – Gemengerot 11.12.2024 – Nadine Schares

Merci fir d'Wuert.

Wann een dëst 200 Saiten Dokument am Grapp hält, gët een sech rëm bewusst wat sou eng Gemeng all Joer vun Ausgaben huet fir kënnen ze fonctionnéieren.

Ouni déi recettes affectées déi 60% ausmaachen, géif et net opgoen.

Ech schléissen mech mengen Virriedner un:

En décke Merci all deenen déi dëst Dokument mat ausschafft hunn an à jour haalen.

Eisen Rôle als Oppositoun ass et dat Dokument ënnert d'Lupe ze huelen an ze analyséieren. Dat hunn mir gemaach. Do huet een ëmmer eng Rei Froen duerno. An der Finanzkommissioun konnten schon déi betreffen Memberen driwer diskutéieren an hier Froen stellen. D'Gemengeconseiller duerften nolauschten, an der Zäit wor et nach geduld dass een als Conseiller och konnt eng Fro stellen. Lo duerfen mir dat net méi dann maachen mir dat lo eben haut hei. Et sinn Froen an Remarques zu bestëmmten Punkten. Wéi och d'läscht Joer probéieren mir 3 eis ze ergänzen fir et 3x dat selwecht ze soen.

Et ass en ganz interessant Dokument an fir déi interesséiert Bierger dobaussen ginn ech dervun aus dass et op der Homepage vun der Gemeng Bartreng publizéiert get. Dann kann jidder een sech dat emol ukuken. An fir selwer seng Iddi probéieren emsetzen kann een jo beim Budget participatif seng Iddien fir Bartreng rareeche. Ech hoffen et hunn vill Leit Gebrauch gemaach vun dëser Méiglechkeet vun Biergerbedeelegung. Et ass sou wéi een kann selwer eppes bewierken an emsetzen.

Mir hantéieren hei mat héichen Zuelen am Milliounenberäich. Déi ganz Détailler zu den recettes affectées an non-affectées huet de Marc eis jo schon ginn. D'Selwecht och iwwer déi verschidden Fongen, ouni déi vill Investissementer net méiglech wieren.

A bei dësen Investissementer ginn d'Meenungen resp. d'Prioritéiten ausereneen.

Op puer vun dësen Investissementer wëll ech agoen:

Investissementer déi läscht Joer nach wichteg woren kréien dëst Joer keen Budget méi zougewisen.

Dat ass emol **d'Transformatioun vun der Gemeng** déi mat 500.000 läscht Joer geplangt wor an just 25.000 benotzt goufen fir eng Etude. Et sollt zu méi Sécherheet bäidroen a verhënneren dass d'leit einfach sou d'Gebei zirkuléieren. As dat net méi wichteg?

Oder ass nischt Guddes bei der Etude rauskomm?

Dat 2. sinn d'**Gemengenatelier**: wéivill Suen woren schon investéiert ginn fir Etuden zemaachen? Lo geschitt do nischt méi a wann een sech et iergendwann anescht iwwerleet fänkt een wahrscheinlech rëm bei null un.

Och de Projet em de bassin d'orage Intgesbaach steht net méi um Programm.

Mech géif interesséieren firwat déi Projet faalen geloss ginn sinn?

Sinn net genuch Suen do?

Oder sinn et zevill Projet déi d'Gemeng net géréiert kritt?

Oder muss gespuert ginn fir d'**Altersheem** ze bauen?

Ech hat do puer Froen, mee déi sinn lo schon gréisstendeels ugeschwat ginn.

Wou ass dee Projet drun? Mir hunn do schon laang nischt méi héieren? Fir ze wëssen wou genau deen Projet drun ass. Vlaicht kann een dat nächst Joer an enger Projetskom opgrafen

Eng déck Somme taucht op bei **échange terrains**: 5.977.696.

Fir dass déi 4 nei Commerces a Gemengenhand kommen huet d’Gemeng en Tosch vun Terrain gemaach: en Terrain vun 54,26 Ar gitt dir oof un de Promoteur mat der Valeur wéi uewen genannt. Dat sinn ronn 110.000Euro/ar. Am Platz kritt dir den Terrain mat de 4 Commerces mat enger Gesamtsurface vun 700m². Dat wieren dann 8500 Euro/m².

Mir sinn ëmmer nach der Meenung dass d’Gemeng demols wéi den Terrain am Duerfzentrum zum Verkaf stoung hätt missen zougräifen. Dann hätt do kéinten e flott Gesamtkonzept entstoen ouni dass lo do deen Immeuble mat dem SEA iergendwéi komesch beieneen stéisst.

Niewt där Somme vum Terrain kommen jo och nach 2.400.000 Euro derbai fir lo mol 3 vun deenen 4 Commerces mat enger Basisinfrastruktur auszustatten.

Wéi huet e Member vun der Finanzkommissioun de Verglach gemaach: „Dat ass eng Somme vun ronn 8,4 Milliounen. Dat entsprécht engem Drëttel vum Investissement an eng komplett nei Maison relais déi jo mettmier 26 Milliounen wäert kaschten“.

An och wann dir lo sot dass dat just e geschätzten Wert ass vum Terrain, gidd dir jo awer en Terrain vun 54 Ar oof deen der Gemeng lo net méi zur Verfügung steet fir aner Zwecker.

Wéi ass et mat der **Maison des Jeunes**, do get et jo den Embau PMR an Wasserschied deen derbai komm ass. Wéi eng Somme ass fir den Embau gebraucht ginn an wéivill as dem Wasserschied zouzuerdnen?

Dann ass do de **Chantier fir d’Canalisatioun** ënnen an der rue de Dippach an der rue de la **Pétrusse** nei ze maachen. E Chantier wou een net derlaanscht kënnt well en jo och soll derzou bäidroen Iwwerschwemmungen an deem Beräich ze vermeiden. Mee dat schleift an dat schleift, dann sinn rëm Deeler op dann rëm zou. Een deen do all Dag passéiert huet sech méi wéi eng Kéier gefrot wat dat fir eng Coordinatioun do ass. De Clou ass dann wann deen läschten Steen vum Trottoir schéin propper agesat ginn ass an puer Deeg drop rëm op méi Plätzen déi mat vill Méi gelueten Steng rëm rausgeholl ginn. An dann kënnt d’Creos schaffen. Ech gleewen jo der Ausso dass si hier Arbechten réicht maachen kommen wann déi grob Arbechten oofgeschloss sinn. Awer menges Nofroen no verlangen si net en Trottoir schéin zouzemaachen fir duerno rem opzerappen. Do ass wuel éischter an der Coordinatioun vum Chantier eppes schiif gang. An wann dat awer d’Virgehensweis ass dann wäert mir dat jo nach puer mol gesinn bis se hannen an der rue de la Pétrusse ukomm sinn.

Op alle Fall sinn vill Leit déi nofroen wien do eng Coordinatioun géif maachen, well alles iergendwéi ouni Konzept ausgesait an keen e Fortschrett gesait.

Dann wëll ech bis op **d’Spillplätzen an d’Schoulhaff** agoen.

Déi stungen allen 2 läscht Joer mat jeweils em déi 100.000 Euro am Budget fir Etuden ze maachen.

Lo sinn fir d’Schoulhaff 250.000 Euro virgesinn. Ech huelen un dass e Projet virloit? Ass dat déi gesamt Somme oder ass dat lo mol en Deel? Huet de Kannergemengerot dat schon présentéiert kritt? Resp.sinn hier Iddien matagefloss. Wat haalen si dervun? Oder get suite vun der Etude dat lo mam Kannergemengerot ausgeschafft? Wéi mir lo héieren hunn, ass dat geschitt,

Dat selwecht géif mech fir d’Spillplätzen intresséieren wou 350.000 Euro virgesinn woren an der Finanzkommissioun an mettmier 500.000. As dat en 1.Deel vun engem Gesamtprojet oder schon fir de ganzen Projet?

Ech géif ganz gären gesinn wat bei deenen Etuden rauskomm ass.

Mat der Beplanung am **shared space** well ech kuerz drop agoen dass ech et net gudd fannen dass bei sou engem Projet einfach just een Devis ugefrot get an dann fir 270.000 Euro eppes emgebaut get. Verschidden Beeter sinn der mobilité douce leider och am Wee, an well een keng Planze gesait bei deser Joreszait ginn d’Beeter mat Féiss getrëppelt oder décke Pneuen iwwerrullt. Niewt dem shared space ginn et natiirlech vill Plätzen wou eppes ze maachen ass mat Begrünung a Schied sou wéi et machbar ass.

E neie Spullwon fir 95.000. Dat ass eng uerdentlech Somme. Huet deen eppes spezielles fir deen Präiss? Eng ganz Spullstross? Sou e Spullwon gët jo fir d'Fester dobaussen gebraucht. Vill Fester ginn vun Bartrenger Verainer organiséiert. Hat dir Récksprouch mat de Verainer fir ze kuken wat hier Besoin sinn?

Niewt desen Punkten vun den extraordinären Dépenses ginn ech nach gär op puer Punkten vum **Ordinaire** an:

E wichtegen Bäitrag dass eng Gemeng fonctionnéiert ass natiirlech d'**Personal**, vun de Gemengenarbechter, den Portier bis hin zum administrativen a SEA Personal.

Wat ass eis masse salariale fir de Moment ?

2022, 2023 waren mir em déi 17%. Eis masse salariale laut den Dokumenter vun de Moieen ass 16,8%.

Bei engem Betrieb an der Privatwirtschaft sollen se em déi 30% leien. 2013 lounen mir nach bei 32%.

Wat d'Unzuel u Matarbechter betrifft schéngen mir lo bei 146 Persounen ze leien.

Vun 2022 op 2023 wor et e Plus vun 14 équivalent temps plein (ETP)

Vun 2023 op 2024 wor et e plus vun 15 ETP

Vun 2024 op 2025 ass e plus vun grad mol 1,5 ETP geplangt.

Fir dass d'Bartrenger Gemeng sengen Aufgaben vun enger moderner an virunallem effizienter Gemeindeverwaltung kann nokommen dürfen mir net scheien weider Posten ze schaafen do wou et noutwendeg ass. Mee duerno gesäit et am Budget 2025 leider net aus. De Marc huet läscht Joer nach gesot dass et duerch eis héich motivéiert Matarbechter méiglech wier, d'Gemeng Bartreng mat engem niddregen Personalstand effizient funktionéieren ze lossen.

D'Ufuederungen un d'Personal klammen, enger Saits duerch de Wuesstem an der Gemeng, aanersaits awer och duerch d'Uspréich vun der Bevölkerung.

Et sinn wuel Leit agestellt ginn, deels as dat awer just fir ze kompenséieren well Leit gekënnegt hunn oder an Pensioun ginn. A wann mir e neie Posten schafen, ass et schwéier deen ze fannen deen den Ufuederungen gerecht get.

Menger Meenung no misste mir weidert Personal astellen. Et ass genuch Arbecht do déi gewëssenhaft soll gemaach ginn. Méi Leit heescht natiirlech och eng gudd Gestiou an eng fair Arbeitsopdeelung. Jidferen soll wëssen wat seng Aufgaben a wéi engem Beräich sinn.

Mat enger gudder Kommunikatioun wou jidferen an déi selwecht Richtung schafft kann een vill Problemer emgoen.

Op der Homepage ass et lo schon mol méi iwwersiichtlech wien sech hei op der Gemeng m wat këmmt. Ech wier awer nach frou emol en Organigramm ze kréien vun eisen 146 Matarbechter mat den Nimm fir einfach mol den Iwwerbléck ze kréien vun der ganzer Equipe.

1 Posten deen mir wichteg géife fannen an deen mir och schon am Walprogramm ugeschwat hatten ass de coordinateur sportif. De Sportminister hat lo rezent nach emol en Opruff gemaach un d'Gemengen. Et geet drëm de Sport an d'Bewegung ze fördern vun deenen Klengsten bis bei déi Eelst. Et ass wichteg an deem Beräich ze intervenéieren well d'Bewegung an eiem hektischen Alldag leider ëmmer méi vergiess gët. De Coordinateur kann engersaits hëllef déi verschidden Acteur aus der Gemeng vun Crèche, iwer SEA, Schoul, Verainer, Altersheem beieneen ze kréien fir zesummen ze agéieren, aanersaits kéint en awer de Verainer zur Sait stoen fir bei diversen Organisatiounen ze hëllef.

Sou en coordinateur sportif kritt déi néideg Formatiounen ugebueden a géif déi 3 éischt Joren zu 80% vum Ministère finanziert ginn.

Bei deenen ganzen Ausgaben wat **Salairen, Wasser, Stroum...** ubelaangt ass dat op sou vill Punkten am ganze Budget verdeelt dass et schwéier ass en Iwwerbléck do ze kréien.

Wier et méiglech do emol déi gesamt Somme regroupéiert an enger Tabell ze kréien?

Wat mir nach opgefall ass, ass eng Hausse vun 80.000 op 130.000 vun den **Affekotkäschten** an 93.000 op 265.000 fir **consultance externe** an expertise beim Punkt 120 vun der coordination administrative.

Wou sinn dës verschidden Etuden drun? Wéi eng hunn ugefaang? Wéi eng sinn offgeschloss? Wat ass derbäi rauskomm?

Concept de mobilité

Conseil en organisation SEA

Sechere Schoulwee

Fussgängerleitsystem

Plan d'intervention urgence

Et sinn 30.000 virgesinn fir remplacement installation audio et/ou video. Ech huelen un dass et sech em d'Installatioun hei am Sall handelt fir den zukünftigen **Livestream**.

No enger 1.Arbechtssitzung am Hierscht 2023 an engem Meinungsaustausch tëscht de Parteien wor festgemaach ginn eng Etude zum Datenschutz ze maachen. Déi Etude lait eis vir an an enger weiderer Arbechtssitzung as do driwer geschwat ginn. Wat eis als CSV gestéiert huet ass dass déi Etude just op eng transmission audio ausgeriicht ass. Eppes wat net zesummen decidéiert ginn wor. Dat heescht wann an enger weiderer Sitzung et zu engem Austausch Pro a Contra vun deenen 2 Méiglechkeeten kënn an et op audiovisuell rausleeft, dann misst déi selwecht Etude opgestallt ginn fir transmission audiovisuel. Wann also vun DP Sait wierkelch en Intressi do wier fir audiovisuell hätt dat jo direkt kennen berücksichtegt ginn. Mee dat gesinn mir jo dann an enger weiderer Arbechtssitzung.

Eis läit den livestreaming wierklech um Häerz well t an eisen Aan e wichtige Moyen ass fir déi néideg **Transparenz** ze schafen an fir dass d'Bierger dobaussen och d'Iddien an d'Kritiken vun der Oppositioun héieren.

Beim **Loyer et charges locatives** Sait 40 bleiwt de Budget op 2025 genau d'selwecht. Obschons an enger läschter Sitzung de Loyer fir Gemengematerial um Haff ennerzestellen vun 1035 op 1895 an d'Luucht geet. Dat mecht op d'Joer awer eng Hausse vun 10.000

Wéi gesait et mat **Charta** aus déi vill Veräiner ënnerschriwen hunn? Do sinn mengen ech vill Veräiner déi vill Effort gemaach hunn bei der Organisatioun vun hieren Eventer déi läscht Méint. Ech fannen et emsou méi schued dass dann an de Gebeilechkeeten wéi Atert oder Arca oder Niki nach zum Beispill keng Trennung vum Ooffall méiglech ass. Dauert dat sou laang fir déi passend Modeller ze kréien? Wéi gesäit et fir de Baussenberäich aus, ass do och eppes virgesinn?

Eng aaner Saach ass de Punkt **fournitures d'entretien ënner places publiques**. Do ass niewt deenen selwechten Saache wéi läscht Joer 5 panneaux publicitaires opgezielt fir 277.000. Wat ass dat konkret ? Fir wat ass dat geduecht ? Déi ganz Panneaux déi lo schon am Bausseberaich an och an den Sportshalen sinn, gët et do net eng Méiglechkeet déi Nuets auszuschalten?

Bei deem Punkt stinn och **support trotinettes et vélos** fir 5000 euro. Déi stoungen och d'läscht Joer dran. Ehc mengen do ass an teschen Zäit nach naischt geschitt. Mir brauchen do awer keng grouss Etuden fir där opzestellen op Platz wou een gesäit dass der gebraucht ginn, och mat Iwwerdaach. Ech verweisen do op meng Mail aus dem Juli dest Joer konkret op d'Situatioun bei der Arca wou naischt ideales steht fir d'Trotinetten an och net all Velo an de Stänner passt deen do steht.

Bei der voirie vicinale do geet de montant vum remplacement du matériel de signalisation vun 22.000 op 80.000 rop. As do eppes spezielles derbäikomm oder sinn dat déi vill Poteau an der rue de Mamer déi ëmmer rëm mussen ersat ginn? Kann een déi Décisioun net awer net réckgäנגeg maachen an déi komesch Inselen mat de Poteau weghuelen?

Bei den **manifestations sportives** sinn 45.000 euro manner virgesinn. Wann ech an de Budget vum läschte Joer kucken ginn dann ass dat ongeféier de Montant vum groussen Tennis Showmatch. Ech hat besse gehofft dat läscht Joer wier déi läscht Editioun gewiecht. Lo mussen d'Verainer sech rem organiséieren hier Trainer a Matcher iergendwou ennerzekeréien. Och mussen d'Verainer trotz dass mir 2 komplett funktionell Sportshalen hunn nach op Halen auswäerts zrëckgrafen fir hir vill TZrainer ennerzekeréien. Ass et net méiglech hei emol eng Léisung ze fannen, deen Problem ass jo och net ganz nei. Et muss jo net emmer eng prächtég Hal mat Buvette an Tribünen sinn. Do get et jo awer Léisungen ouni groussen Schnickschnack. Muss nach deen richtegen Terrain fonnt ginn. Wann een déi läscht 10 Joer kukt wat vun Loyer un extern Halen bezuelt ginn ass, kënnt schon eppes zesummen.

Bei de **fêtes publiques** (de Roger wor schon drop agaang), wëll ech 2 Montant ervirhiewen : 175.000 fir de surf in town an 600.000 fir den Absolut Bartreng. Ech sinn frou dass schon an der Kommissioun e Member dat ugeschnidden huet. Ech soen net dass nasscht soll organiséiert ginn vun Fester a Loisiraktivitéiten. Mee déi 2 do zesummen dat get schon en enormen Montant an d'Fro ass op dat wierklech muss sinn? Op dat all Joer muss sinn? Oder kann een vläicht emol d'Konzept änneren an net 1 Dag mega grouss opzréien, mee et vlicht op puer kleng Eventer verdeelen. An dann kann een an engems d'date protégée vun de Verainer respektéieren. Niewt deenen 2 groussen Montant kommen jo och nach all déi vill aner Fester derbäi d'oi och Suen kaschten. Ech froen hei lo nach emol ganz offiziell op mir vun all deenen Fester kéinten emol eng Oofrechnung kréien. Ech hun dat lo schon puer mol nogefrot.

Dann wollt ech mech kuerz zum lessen an dem **SEA** emfroen. De Montant geet em 200.000 euro rop. Dat wëll ech wéinst der Präisseirecht och guer net unzweifelen. Just därf d'Qualitéit vum lessen net roofgoen. Ech well et just kuerz nofroen op et irgendwelch Annerungen an der Kichen goufen? Ech well dat lo ne top déi Interventioun op Facebook schléissen, mee mir wor opgefall am Kader vun de Walen vum Kannergemengerot dass méi wéi een Kand entweder um Plakat oder hieren Aussoen op RTL no besserem lessen an der Maison relais gefrot hunn.

Dann géif ech nach bei e läschten Punkt kommen. Op der Sait 113 bei de **frais marketing an publicité** geet de Montant vun 10.000 op 60.000 rop. Ass do eng gréisser Annerung virgesinn ? Allgemeng bei der Publicité wou et och em d'Kommunikatioun geet wollt ech nofroen op et do e Konzept get? Wat an Zukunft iwuer wéi e Medium soll verdeelt oder publizéiert ginn? Komplet paperless geet net.

Wat kënnt enner Form vun Flyer a Brochuren?

Op wéi enger Sprooch oder Sproochen?

Wat just nach op der Homepage oder social media?

Do muss ganz gudd opgepasst ginn dass do net verschidden Leit vun eiser Gesellschaft vergiess ginn, egal op et em d'Méisproochegkeet, leichte Sprachen oder Leit ouni Internet oder socialmedia geet.

D'Homepage vun der Gemeng existéiert just op franséisch.

De Programm vun der Arca figuréiert just nach op Enjoy, wann een awer Détailler zu enger Manifestatioun wëll, dann brauch een Internet,

verschidden Informatiounen am Infoblat wéi Reglemeter, oder demandes de subsides get et just op franséisch, d'selwecht och fir B-News an d'Info zu der permanence Wasser,

aner Informatiounen op daitscha franséisch, oder L a FR,

an heiansdo dann op 3 oder 4 Sproochen,

vum B-News kann een just profitéieren wann een eng Mailadress huet,

un de Sondagen huelen just Leit deel déi och d'App roofgleuedne hunn. Op déi Sondagen dann représentativ sinn?

Dat wor et dann vun menger Sait an ech freen mech op d Feedback zu all deenen Punkten. Dann wärten de Marc an de Guy lo nach déi Themen abordéieren, op déi ech nach net agaang sinn.

Conclusioun:

Merci fir déi verschidden Erklärungen an Détailler. Et sinn ganz vill Punkten op den Desch komm. Mir sinn villes gewuer ginn suite op eis Interventiounen an och frou dass mol heiansdo dann Korrekturen gemaach ginn.

Bei puer Punkten sinn mir eis eenz, bei aaneren manner.

Natiirlech droen mir all déi grouss Projet weiderhinn mat déi mir och matgestemmt hunn, ech schwätzen do vum SEA oder dem Projet Schwalls, d'Altersheem hei zu Bartreng, d'Unterführung an d'Überführung vun de Schinnen, all sënnavollt Konzept vun der mobilité douce, all Projet deen zum Héichwasserschutz bàidréit.

Déi laafend Käschen wéi Stroum, Wasser, Kanalisatioun, Schoul, Sportshalen mat allem wat vun Entretien a Reparaturen ufällt, ennerstetzen mir natiirlech och.

Et ass och nach ni souvill iwuer Kultur diskutéiert ginn wéi haut.

Mir vermessen awer emmer nach Punkten wéi

- E cabinet médical: mee do huet sech an puer Diskussiounen schon rauskristalliséiert dass do vun ärer Säit mat naischt ze rechnen ass des Legislaturperiod, obschons et an ärem Walprogramm stoung
- Konkretes zum Projet Helfent
- Konkretes zu de Verainer: wou kennen se méi stockage kréien (de Besoin an d'demande sinn absolut do), wéi kann een de Benevolat mair stärken a fördern? Punkten déi eis wichteg sinn an um Härz leien. Punkten déi och an ärem Walprogramm stinn.
Ech zitieren: „es werden grössere Lagermöglichkeiten (hall de stockage) für die lokalen Vereine zur Verfügung gestellt. Das Ehrenamt soll gefördert und belohnt werden“
Ech ennerstetzen gären dem Yolande seng Propose vun der soirée du bénévolat.

Eis fehlt nach besser eng Visoun wéi Bartreng soll wuessen a sech entwécklen. Dat ganz mat der richteger Kommunikatioun, Transparenz a Biergerbedeelegung.

Eis Approche als CSV ass do einfach eng liicht aaner.

Mee de Budget sou wéi en hei opgesat ass kennen mir net telquel matdroen. Mir hätten aner Prioritéiten gesat, sinn mat verschiddenen Ausgaben net averstaanen.

Mir sinn wieder bereet am Gemengerot konstruktiv a fair matzeschaffen. Dat selwecht zielt och fir eis Leit an de Kommissiounen. An der Hoffnung dass eis Iddien a Proposen och heiansdo Gehéier fannen.

Als Oofschloss wëll ech awer nach am Numm vun dr CSV dem ganzen Gemeindepersonal e ganz grouse Merci soen fir hieren Asatz fir d'Gemeng.

An ech profitieren an engems fir jidfernegem eng ganz shcéin Chreschtzäit ze wënschen an e gudde a gesonden Rutsch an dat neit Joer.